N°2233
Entrée le 02.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a vum Minister fir bannenzeg Ugeleeënheeten op d'parlamentaresch Fro n°2233 vum 18. Abréll 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Prix de l'eau potable"**

**1. Léisst déi lëtzebuergesch Gesetzgebung (notamment d'Waassergesetz vun 2008) eng sozial Staffelung vum Drénkwaasserpräis zou a kéint eng Gemeng esou eng sozial Staffelung fir d'Haushalter aféieren, wa se dat wéilt?**

Laut Artikel 12 vum Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 gëtt de Waasserpräis - esou ewéi vun der europäescher Waasserrahmenrichtlinn[1] gefuerdert - op Basis vum Käschtendeckungsprinzip berechent. Am Aklang mat dësem Prinzip soll sech de Waasserpräis op di reell Käschten vun der Waasserdéngschtleeschtung baséieren an de Verbraucher säin ugepasste Bäitrag zu dëse Käschten leeschten. Ee Modell, wou ee gewëssene Volume fir d'Deckung vun de Grondbedierfnesser an de järleche Fixkäschten enthalen wier, misst esou opgestallt ginn datt de Verbrauch deen iwwert déi Bedierfnisser géif erausgoen, entspriechend méi deier géif ginn, fir datt sou di reell Käschten ofgedeckt géife ginn an domadder d'Obligatiounen vun der europäescher Waasserrahmenrichtlinn respektéiert wieren. D'Ofrechnungen wieren bei sou engem Szenario och extrem kompliziéiert ze maachen, virun allem bei Residenzen, well jo misst e Lien tëschent dem Compteur an der Unzuel vu berechtegten Verbraucher, déi do drun ugeschloss sinn, gemaach ginn, fir korrekt kënnen ofzerechnen. Aus dëse Grënn gesäit d'Sozialhëllefgesetz vum 18. Dezember 2009 vir, de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi hier Drénk- an Ofwaasserrechnungen net kënne bezuelen. D'Gemengen hunn zousätzlech och d'Méiglechkeet iwwert d'Artikelen 43 a 47 vum Waassergesetz e Reglement ze huelen, fir verschidde Stéid eng *allocation de vie chère* fir d'Drénk- an Ofwaasserkäschten ze ginn.

**2. Wëll d' Regierung eng Ännerung vum Gesetz proposéieren, fir dass déi éischt Liter Drénkwaasser, wéi a Frankreich, och kéinte gratis zur Verfügung gestallt ginn?**

Den Ëmweltministère ass amgaangen eng Strategie opzestellen fir d'Drénkwaasserversuergung zu Lëtzebuerg laangfristeg ofzesécheren. Méiglech Upassungen vum Drénkwaasserpräis kéinten am Kader vun der Ëmsetzung vun der Strategie diskutéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit

[1] Directive 2000/60/CE du parlement européen et du conseil du 23 octobre 2000 établissant un cadre pour une politique communautaire dans le domaine de l'eau.